PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

REÇU
Par Alff Christian , 10:31, 28/05/2020

n° 2285

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 28/05/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mobilitéit weiderzeleeden.

D'Coronapandemie huet eis an der Gesellschaft villes iwwer Gestë bäibruecht, déi jiddereen ënnerhuele kann, fir Infektiounskrankheeten auszebremsen. Ee wichtegen Aspekt dovunner ass sécherlech d'reegelméissegt Botzen an Desinfizéieren. An de leschte Woche konnt een effektiv feststellen, dass d'Busser an d'Zich am ëffentlechen Transport ronderëm d'Auer propper sinn. Dat war virun der Coronapandemie net ëmmer de Fall. An der parlamentarescher Fro n°2083 hat de Mobilitéitsminister Auskonft ginn, wéi Desinfizéierung vum Fuermaterial am ëffentlechen Transport säit dem Ausbroch vun der Coronapandemie assuréiert gëtt.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Opgelëscht no Materialkäschten a Personalkäschten, wéi vill huet dat zousätzlecht Botze vum Fuermaterial (Bus, Zuch, Tram, Funiculaire, Garen, Arrêten) säit der Coronakris kascht?

2. Wäert de Minister d'Hygiènesmesuren, déi aktuell am ëffentlechen Transport duerchgefouert ginn, am Hibléck vun der Promotioun vun engem attraktive gratis ëffentlechen Transport, bäibehalen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Luxembourg, le 29 JUIN 2020

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec
le Parlement

Service Central de Législation
Luxembourg

REÇU
Par Alff Christian , 11:43, 29/06/2020

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire N°2285 du 28 mai 2020 de l'honorable député Monsieur Marc Goergen, concernant le nettoyage et désinfection des véhicules de transport en commun, avec la prière de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

François Bausch
Ministre de la Mobilité
et des Travaux publics

Adresse postale: L-2940 Luxembourg
Bureaux: 4, Place de l'Europe
Luxembourg/Kirchberg
Téléphone: 247-83301
Téléfax: 247-93308

Äntwert vum Här François Bausch, Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d' parlamentaresch Fro n° 2285 vum 28. Mee 2020 vum honorabelen Deputéierten Marc Goergen zum Sujet „Nettoyage et désinfectant des véhicules de transport en commun"

Opgelëscht no Materialkäschten a Personalkäschten, wéi vill huet dat zousätzlecht Botze vum Fuermaterial (Bus, Zuch, Tram, Funiculaire, Garen, Arrêten) säit der Coronakris kascht?

Zënter der Coronakrise si folgend Käschte fir zousätzlecht Botzen an Desinfizéieren vum Fuermaterial an den Infrastrukture fir d'CFL ugefall:
CFL-Busser:
ca. 24.000€ (Stand 31. Mee 2020)
CFL-Persounenzich:
ca. 177.000€ (Stand 31. Mee 2020)
CFL-Infrastrukturen (Funiculaire, Garen an Arrêten):
ca. 94.000€ (Stand 31. Mee 2020)

Dës Montante setzen sech aus 95% Personal- an 5% Materialkäschten zesummen.

Luxtram huet vun 2017 un seng Ramen ee mol den Dag integral gebotzt. Deemno huet d'COVID-19 Kris just mat sech bruecht, dass zousätzlech Desinfektiounsmëttel géint Viren agesat goufen. Soumadder ka bis elo fir Luxtram de Méiopwand duerch spezifesch COVID-19 Botzmesuren op 1.500€ geschaat ginn.

Wat d'Busdéngschter am RGTR betrëfft, kann een de Moment just eng Schätzung ofginn, vu dass iwwer 30 Betriber fir den RGTR fueren an net den Détail bei all Betrib konnt ermëttelt ginn. Et kann ee domat rechnen dass am Duerchschnëtt 5 bis 6 Euro pro Dag a pro Linnebus u Käschten ufalen (Stand 31. Mee 2020). Fir den RGTR fueren ongeféier 1.300 Bussen, woubei vum 16.3.-20.4. awer d'Schoulbussen ausgefall sinn. Beim TICE sinn an Zäit vu ronn 2,5 Méint eng 40.000€ u Käschten ugefall, déi haaptsächlech aus Materialkäschte bestinn. Nierft dem normale Personal gouf eng zousätzlech Persoun vun enger Botzfirma chargéiert fir d'Desinfectioun vun de Bussen duerchzeféieren. Beim Busdéngscht vun der Stad Lëtzebuerg falen eng ronn 40.000€ pro Mount un extra Käschten un.

Wäert de Minister d'Hygiènesmesuren, déi aktuell am ëffentlechen Transport duerchgefouert ginn, am Hibléck vun der Promotioun vun engem attraktive gratis ëffentlechen Transport, bäibehalen?

Déi weider Hygiènesmesuren erginn sech aus den Entscheedungen déi d'Regierung am Kader vun der weiderer Entwécklung vum Déconfinement hëllt.

Doriwwer eraus proposéieren ech de Bedreiwer vum ëffentlechen Transport, dass de Mobilitéitsministère e gewëssenen Deel vun de Käschten rembourséiert. Déi betraffe Bedreiwer kënnen hir Ufro mat den néidegen Ënnerlagen (Rechnungen) erareechen, déi dann a mengen Servicer op d'Verhältnis par Rapport zum gefrotene Montant kontrolléiert an approuvéiert ginn.